

## Appel à projets „Gitt dobaussen aktiv“

### **Projet „Wiederstatioun“ vun der Maison Relais vun Kietscht**

Bei dësem Projet ginn verschidden Wiederphänomener (Sonn, Reen a Wand) analyséiert. Fir datt d'Kanner alleng verschidde meteorologesch Phänomener entdecken a verstoen kënnen, gesäit dëse Projet de Bau vu verschiddene meteorologesche Statiounen (Sonnewisen, Wand- a Reenmiesstatiounen) vir, déi am Bauseberäich vun der Maison relais installéiert ginn a fräi zougänglech fir d'Kanner sinn. Sou kënnen d'Kanner Ännerungen am Wieder observéieren, d'Wiederstatiounen manipuléieren a probéieren, selbststänneg Äntwerten op hir Froen ze fannen.



**Wann Dir wëllt méi iwwert dëse Projet gewuer ginn, da kënnt Dir hinne gären eng Mail schécken [Personnel.MaisonRelais@rambrouch.lu](mailto:Personnel.MaisonRelais@rambrouch.lu).**

## Suivi vum Projet (Text a Fotoen vun der Maison Relais De Jhangeli) :

### Mir entdecken eist Wieder

Mir hunn mat der éischter Phase vun eisem Projet ugefaangen an do haten d'Kanner d'Geleeënheet Recherchen zum Thema „Wieder“ ze maachen. Sief et a Bicher, am Internet oder duerch Ëmfroe bei den Erwuessenen.

No deem mir déi läscht Wochen ee permanente Wiederwiessel haten, vu Sonn bis Donnerwieder, konnten d'Kanner och vill Beobachtungen maachen. Si hunn zum Beispill festgestallt, datt d'Sonn net de ganzen Dag op der selwechter Plaz um Himmel steet oder datt et net op all Plaz gläich vill reent.

D'Kanner aus dem C2 hunn décidéiert Plakater iwwert déi verschidden Zorte Wieder ze maachen an hunn sech dofir flott Biller am Internet erausgesicht. Si hunn och nogekuckt, wéi eng Kleeder mir fir wéi ee Wieder brauchen a wat mir mat dem Wieder verbannen. Dës Plakater hunn mir an eiser Entrée vun der Maison Relais opgehaangen, fir datt d'Elteren och een direkten Abléck an eise Projet hunn.



Déi Kleng hunn ugefaangen „Wieder-Aueren“ ze bastelen. D’Kanner konnten hir Auer no hirer Kreativitéit selwer gestalten. Des Auer ass dofir geduecht, dat déi méi Kleng souwuel moies, wéi mëttes d’Wieder kenne beobachten an op der Auer kenne verbildlechen, wéi d’Wieder am Moment ass. Mir hunn eis op Sonn, Reen, Schnéi, oder bedeckt reduzéiert. D’Kanner hunn Méiglechkeet zu all Moment bei déi Auer ze goen an de Feil op dat Feld ze dréinen, wéi d’Wieder dee Moment grad ass.



Mir hunn 3 Sonnenauerer mat de Kanner gebaut. Als éischt hunn Kanner sech fir ee Motiv entscheet. Déi Grouss hunn sech dofir decidéiert déi 4 Joreszäiten op Dëppen wëllen ze molen an déi Kleng fir déi verschidde Wiederkonditiounen. Si kruten 3 wäiss Dëppen a scho konnt et lass goen. Mat Pinsel a vill Faarf si flott Motiver entstanen.



Nodeems alles gedréchent war, hunn d' Kanner 12 Sträife Pech mat ëmmer dem selwechten Ofstand opgepecht. All Stréch steet fir 1 Stonn. Déi Kleng hunn sech gutt amuséiert, wéi si d’Dëppen mat Sand befeeelen konnten, fir datt den 1 Meter laange Staf an der Mëtt stoe bliwwen ass.

Duerno hu mir nach just missen op d'Sonn waarden an d' Aueren de richtege Wee an op déi richteg Plazen placéieren.



Wei fonctionnéiert dann lo Sonnenauer ? Ma ganz einfach, do wou de Schied vum Staf hifält, souvill Auer hunn mir.